Rapport iwwer d' Generalversammlung
vun den Lampertsbierger Geschichtsfrënn a.s.b.l. vum 20. März 2012

Den Comité war komplett ugetrueden bis op d'Isabelle Basler, an och d' Keessereviseurin Adrienne Frank an onsen Invité Léon Doemer (alleguerten entschëllegt)
Usprooch vum Präsident Anicet Schmit deen sengem Comité an allen aneren Leit déi de Verain ënnerstëzt hunn vill mols merci gesoot huet.
Virdroen vun den Berichter

a) vun der Generalversammlung vun 2011,
b) an den Tätegkeetsbericht vun 2011 durch den Sekretär Marcel Faber
c) den Keessebericht vum Sonja Rodesch-Barthelemy
d) dem Bericht vum Keesserevisor Georg Krulik (Adrienne Frank ass entschëllegt)

d'Keessereviseuren bleiwen deeselwescht.
Entlaaschtung fir déi verschidden Berichter, vun der Generalversammlung.
Bericht iwwer eis Aktivitéiten 2011:

1. 6 Sëtzungen vum Comité
   Extrasëtzung fir d'Virbereeden vum Floumaart

2. Sichen no Dokumenter an alen Fotoen vum Lampertsbierg.
   Den Carlo Welfring huet dem Veräin e Bild vum J.P. Calteux vum Lampertsbierg geschenkt.
   Mir hunn och Fotoen vum Pilot (Ofrëss vum Nikloseck), a vum Haus 50 aus dem Joer 1933 an der Ermesindestrooss kritt, fotokopéiert, archivéiert, an op d'Homepage gesat.

3. Entwécklen an eng permanent Richtegstellung vun eiser Home-Page.(Isabelle Bockler)
   Nei ass och, dass mir op Facebook ënner „ Lampertsbierger Geschichtsfrenn „ ze fannen sin.

4. Floumaart.
   Verdeelung mat den Comité Memberen iwwer de ganze Lampertsbierg vun engem Flyer vir de Floumaart.
   Et wor erëm en vollen Succès. Den groussen Sall wor komplett beluecht.
   Mir hunn do just en klengen Problem an zwar kënnten mir nach eng oder dee aner Hëllef beim Op an Ofriichten bei der Austellung gebrauchen. Avis aux amateurs.

5. Virbereedungen fir eng Ausstellung zum 5Jährigen Bestoen vun den Lampfrënn.

6. Den Trëppeltour 2012 ass den 17. Juni 2012.
   Rendezvous : Westeschgaart/Paerdsmaart ëm 14:30 Auer. Memberen ginn nach am Détail doriwwer informéiert. Dir fannt den Détail awer och um Internet Site : www.lampfrenn.lu

7. Den Floumaart gëtt dest Joër den 14ten Oktober ofgehalen.

Bei engem gemittlechen Patt, offréiert vum Verain, goung des Generalversammlung dunn zou enn.

➤➤➤

Zesummesertzong vum Comité ass déi heiten:

Präsident:	Anicet SCHMIT
Sekretär:	Marcel FABER
Keessière:	Sonja RODESCH-Barthelemy
Memberen:	Christiane BIS-WORCH
	Isabelle BASLER (Internet Site)
	Marianne DEGREGORI (Relatioun Presse)
	Ghislain KAYSER
	Mado SCHMIT-GOEDERT
	Jean-Marc WECKBECKER
	Carlo WELFRING

Den Sekretär

Marcel Faber